




Juli,  
2017

Ausgabe  
15



Radio R.O.M. asbl

# De RadioMAG



## In dieser Ausgabe:

News aus der Radiozeen 2

D'Geburtsstonn vum Radio  
zu Lëtzebuerg (Deel 4) 2 - 3

Mehr Sicherheit im Internet  
Aber wie? 4

Zum Schluss nach kuerz  
bemierkt 4

An der nächster Ausgab... 4

## Radiozeen Lëtzeburg



Jean Hirt †



Den 21.  
Dezember  
2016 ass  
onsen  
laang-  
järengen  
Mataar-  
bechter  
Jang Hirt

onerwaart vun ons gaangen.  
Den Jang huet jorelaang den  
Kannerfuesbal hei zu  
Miedernach mat grousssem  
Enthusiasmus an  
Engagement moderéiert.

Wéinst sengem  
natierlechen, witzegen an  
jovialen Oprieden war hien  
beléift bei Jonk an Aal.

Den Jang huet sech an  
senger Fräizäit immens vill  
engagéiert an war och  
ëmmer virbäi wann eng  
"Kaz duerch 'Duerf  
geschleeft ginn ass".

Hien wäert bei den  
Radiosmemberen an den  
Miedernacher Kanner an Leit  
fir ëmmer an ganz gudder  
Erënnerung bleiwen!

R.I.P. Jang, Du feels ons!

Gérard Faber / Serge Simon

## Wat fir eng (Presse)hëllef fir d'Lokalradioen?

No den mediepo-  
liteschen Diskussiounen  
ronderëm den RTL-  
Konzessiounsvertrag an dem  
**Pressecommuniqué** vum  
Robert Garcia, Responsabelen  
bei Radio ARA, an deem d'Fro  
opgeworf gëtt, ob och eng  
**generell** Pressehëllef fir déi  
sougennanten Regionalradioen  
(Radio ARA, Radio Latina, Eldo-  
radio, L'Essentiel-Radio an  
geschwënn och Antenne Lux-  
emburg) sollt agefouert ginn,  
wëllen mir als **Lokalradio** de  
Fuedem mol opgräifen an eis e  
puer Gedanken iwwert eng  
eventuell staatlech Hëllef fir  
d'Lokalradioen maachen. Laut  
onsem Kolleg "Roga" huet sech  
d'**Radioliberaliséierung** vun  
1991 zu engem **Echec** ent-  
wëckelt. Senger Meenung no  
huet eng **schlächend** Re-  
monopoliséierung statt fonnt.  
Radio R.O.M. deelt des  
Meenung! DNR huet et net  
gepackt, obwuel si eng quasi  
national Frequenz haten an  
Eldoradio ass ënnert d'Fittich  
vun RTL **geflücht**...

Et ass gewosst, dat ouni  
d'Pressehëllef eng ganz Partie  
Zeitungen ekonomesch net  
**viabel** wieren. Mai wéi gesäit et  
eigentlech bei den Regional-  
radioen aus? Do hun mer  
Eldoradio an L'Essentiel-Radio,  
bei deenen RTL am Kapital  
bedeelegt ass: Bei L'Essentiel  
läit den Undeel bei engem  
Véierel an dat als sougennanten  
"silent partner", bei Eldoradio  
sinn ët 74.8 % obwuel laut  
Mediegesetz keen vun den

Bedeelegten méi wéi 25% däerf  
hun! Radio Latina ass fest  
**verwuerzelt** an der gréisster  
auslännescher Communautéit  
an verdängt seng Suen duerch  
Reklammen, well och vill  
lëtzebuergesch Firmen den  
portugiseschen **Konsument**  
entdeckt hun. Bleiwen  
"Antenne Luxembourg", bei  
deem nach ze kucken ass, wéi  
een zweeten däitsch-  
sproochegen Radio sech  
entwëckelt an den Radio ARA,  
deen sech duerch Sous-  
location vum der Sendezäit un  
den engleschsproochegen  
Service "ARA City Radio" an den  
**Subsidien** vum Kulturministère  
fir d'Schüleremissiounen vun  
"Graffiti" iwwert Waasser hält.

Des Situatioun, esou wéi sē  
sech am Joer 2017 duerstellt ass  
net déiselwecht wéi am Ufank  
vun der **Radioliberaliséierung**  
vun 1991, wou sech de  
Legislateur eng viabel an **vital**  
Konkurrenz zum deemolegen  
RTL-Monopol virgestallt huet.  
Mat der däerzäiteger Situatioun  
ass den **RTL-Monopol**, wéi virun  
1991 faktesch erëm hiergestallt.  
Eng Pressehëllef wier also net  
vun Muttwëll, virun allem fir déi  
Radioen déi sech am sozio-  
**kulturellen** Beräich vun dēser  
Gesellschaft asetzen. Mir  
denken hei haaptsächlech un  
den Radio ARA, deen sech ganz  
staark fir eng **Medieformatioun**  
vun der **Jugend** engagéiert.

Am Fong geholl gëtt RTL  
Lëtzebuerg als quasi "National-  
programm" vum Staat

finanziert. All aner (wann een  
den "Radio 100,7" emol  
ausklammert) ginn eidel aus. An  
hei läit **d'Kromm an der Heck**:  
Eng Subventioun gestaffelt no  
enger Oplo vun engem Verlag  
wéi an der geschriwwener Press  
wier **kontraproduktiv**. Si  
bewierkt just, dat déi "Déck" hir  
**Monopolstellung** nach weider  
ausbauen kënnen. Esou eppes  
däerf bei enger Radio-  
subventioun op kee Fall  
entstoen! Villméis sollt een den  
**sozialen** Faktor betruechten an  
Regional- an kléng Lokal-  
radioen finanziell ënnerstëtzen,  
vu dat hei d'**Werbemass**  
souwisou schonns méi kléng  
ass.

Och déi sëllegen Lokalradioen  
uechtert Land këmmen sech  
em déi radiophonesch  
Kreatioun (z.B. d'Opname vun  
Radio Classique Bergem (RCB)  
vun kllasseschen Concerten  
oder d'Héierspill vun Radio  
R.O.M. **"Well mir vill verdroen"**  
dat 2002 realiséiert gouf. Awer  
och am kommunalen Ëmfeld  
engagéieren sech ons  
**Benevollen** dagdeeglech mat  
hiner **Expertise**. Sief ët fir een  
aneren Duerfveräin bei enger  
Manifestatioun ze ënnerstëtzen,  
d'Opnam vun engem Concert  
ze realiséieren oder dem  
Duerftheater mat techneschem  
Material an **"Knowhow"**  
auszehëllefen. Niewent deenen  
villen Duerfveräiner ass ët och  
de Radio, deen een liewegt  
Duerf, eng **lieweg** Gemeng  
spigelt.

Fortsetzung op der nächster Säit

Pour une chaleur sûre  
dans votre maison, contactez

**Q8 Mazout Schmit**

**Q8 Mazout**  
PRODUIT DE HAUTE QUALITÉ

83 75 92  
MEDERNACH

www.Q8Mazout.lu

Hähnchen, Haxen,  
Kartoffeln, Grillautos,  
Hähnchen Catering,  
Imbiss Junglinster-Hela

**"Der Hähnchenkönig"**

**Maison Franssens**

7, am Lahr L-7641 Christnach  
Tél.: +352 23 66 87 56 www.franssens.lu

### News aus der Radiozeen

**Zanter Ufank Juni huet den Radio "100komma7" seng zweeten UKW-Frequenz an Betrib. "100komma7" huet jo schonns zanter méi laang iwwert Problemer mam Empfang am Norden vum Land geklot an krut Enn 2015 d'Frequenz 95,9 MHz zougesprach. Gesent gëtt vum Mast vun der Post zu Neidhausen mat enger Leeschtung vun 3 Kilowatt.**

**Den wuel bekanntsten briteschen Radiopirat "Radio Caroline" krut elo endlech d'Mëttelwellenfrequenz 648 kHz zougesprach, eng fréier "BBC World Service"-Frequenz wou fréi ginn ass. Een Sender aus Europa gouf elo importéiert an gëtt ëmgebaut fir um Schëff "MV Ross Revenge" dat momentan um Floss Blackwater läit installéiert ze ginn. Den Sendebetrieb soll viraussichtlech den 14. August mat enger Leeschtung vun 1000 Watt opgehoen ginn. Mat e bëssi Gléck ass "Radio Caroline" dann och hei an den Owesstonnen an Nuets ze empfänken.**

**RACON** Sàrl  
Bauunternehmung

Rohbau - Schlüsselfertig - Innenarbeiten  
Renovierungen - Moderne Energie - Erdarbeiten

1, Dikrichstrooss Tel.: 26.80.38.73  
L-9186 Stegen info@racon.lu

**TOITURE C.F.G.**  
Charpente Ferblanterie Couverture

44, rue de Laroquette  
L-7661 Medernach  
Tél.: 26 87 02 65  
Fax: 26 87 09 57  
GSM: 621 26 66 03  
E-mail: toiturecfc@internet.lu

## Wat fir eng (Presse)hëllef fir d'Lokalradioen?

Fortsetzung vun Sait 1

Eng Hëllef fir d'Lokalradioen kéint nieft dem kommunalen Subsid eng finanziell Subvention vum **Staat** sinn. Vill Lokalradioen kéinten sech mat esou enger Hëllef technesch weiderentwéckelen an hir benevole Mataarbechter **fërderen** (z.B. un engem RadioCamp deel ze huelen oder d'Leit an Couren fir Rhetorik schécken).

Vill **Talenter**, déi dir haut an den "groussen Programmer" héiert, hun hir éischt Schrëtt bei de **Lokalradioen** gemaach, wéi beim Schülerradio vum Wolzer Lycée (LNW). Woubäi den LNW eng "Sonnerstellung" ënnert den Lokalradioen huet, well hien och am pädagogeschen Beräich aktiv ass an dem Lycée ënnersteet.

Mir finanzéieren eis momentan duerch Reklamm an duerch Manifestatiounen, déi mir am Duerf organiséieren fir ze iwwerliewen. Trotzdeem versichen mir andauernd onsen Programm weider auszebauen an **attraktiv** ze gestalten. Als Beispill kann een

d'News zur voller Stonn (wou mir vun baussen akafen) an den RadioMAG opzielen. Den RadioMAG huet zanter senger éischter Ausgab, wou nach spartanesch produzéiert gouf, konstant **evoluéiert** an ass mat senger momentaner Oplo vun 2000 Exemplairen net méi aus der Region ewech ze denken. Grouss finanziell **Impakter** déi mir als Lokalradio versichen sou gutt et geet eleng ze stemmen.

Bis 2007 war onsen Radio werbefräi. Duerch zousätzlech Käschten fir den Sender mam Studio ze **verbanne** an d'**Stroumkäschten** vum Sender selwer, déi bal engem kléngen Haus-halt gläich kommen, hun mir missen op Werbung zréckgräifen. Den Gemengensubsid eleng kann déi Käschten net décken. Eng "Pressehëllef" fir Lokalradioen kéint sou munchen Lokalradio erëm Werbefräi maachen oder

op d'mannst d'Werbung **reduzéieren**.

Trotzdeem kommen an deenen nächsten Joren Erausforderungen un eis Branche duer, déi mir mat grousser Wahrscheinlechkeet net eleng Schëlleren kënnen. Stéch-



Opnam vum "Concert Spirituel" 2016 an der Porkierch zu Miedernach

wuert: **Digitaliséierung!** Wann am Joer 2024 den digitalen Radio sollt agefouert ginn, da gëtt et fir eis schwéier dëst ze finanzéieren. Eng grouss Partie vun den Lokalradioen misst **zoumaachen!** An dat wier schued! Villäicht sollt dat och den staatlechen Instanzen mol bewosst ginn.

## D'Gebuertsstonn vum Radio zu Lëtzebuerg (Deel 4)

Serge Simon

**N**odeems am Deel 3 d'Geschicht vun den éischten **Piraten-senderen** zu Lëtzebuerg erzielt gouf, wëll ech lech déi net manner **spannend** Geschicht vun R.O.M. virethalen...

Am Mee 1988 fänkt **Radio Arantia / M103** zu Miedernach un mat Senden. Den Studio befënnt sech am Sous-sol, dem Keller vum "Café des Sports". Leider hat een Gendaarm aus der Fiels ët sech zur **Liewensaufgab** gemaach den M103 zur Streck ze bréngen. Den Wuechtmeechter Weber aus der Fiels huet all Kéiers wann Livesendung war alles bis an den Detail an sengen Protokoller festgehalen. An

engem vun den Protokoller konnt een noliesen, dat um Comptoir am Café een vun den Verdächtegen Moderatoren soud an een **T-Shirt** mam Opdrock "M103" un hat.

Nodeems deemools den Sender op **Stereobetrieb** ëmgeschalt gouf, huet een vun onsen Spriecher eng Kéier an enger Sendung bäileefeg am Geck gesot: "Den Sender ass elo **opgemotzt** an d'Zären schloen all bis an den **rouden** Beräich". Doropshin ass den Gendaarm an der Géigend ronderëm gefuer, fir dem Parquet genau ze dokumentéieren wat fir eng Reechwäit M103 hätt.

Am **"De Buet"** der deemoleger Miedernacher Lokalzeitung stoung natierlech alles iwwert den Sender: d'Sendezäiten, d'Nimm vun den Moderatoren, Adress an Telefonsnummer vum Radio "M103", asw... Den Gendaarm aus der Fiels hätt also **gutt drun gedoen** deemools den "De Buet" ze abonnéieren. Dat hätt laangwiereg Ermëttlungen erspuert fir just gewuer ze ginn, wat ganz Miedernach schonns zanter **laangem** wousst. Ëmmerhin goufen bis dohin am Ganzen 6 Artikelen mat Fotoen iwwert den Radio "M103" am "De Buet" publizéiert!

Fortsetzung op der nächster Sait



## D'Gebuertsstonn vum Radio zu Lëtzebuerg (Deel 4)

Fortsetzung von Sait 2



Den Studio vun "M103"

D'Memberen vun "M103" goufen reegelrecht **"be-spëtztelt"** an beobacht. Deemools stoung wahrscheinlech jiddwereen wou am "Café des Sports" aus- an agaangen ass, ënnert **Generalverdacht**. Et huet een och missen oppassen wat een an den Café eran an eraus gedroen huet. All elektronischen Apparat huet zu den wëllsten **Spekulationen** an den Berichter un den Parquet gefouert.

Spéider gouf dunn nach den Miessdengscht vun der deemoleger Post ageschalt an den **"Chouch"** an säin Kolleg hun missen mam Miesswon op Miedernach kommen fir "M103" auszemoossen. All kléng Niewewell wou erfaasst gouf war direkt vum **fläissegem** Gendaarm néiergeschriwwen. An sengem nächsten Protokoll un den Parquet gouf doraus een risen **Tamtam** gemaach. Am Bericht vun der Post goufen d'Niewewellen awer net emol ernimmt. Et muss een nämlech wëssen dat all Sender Niewewellen produzéiert, et kënnt just drop un wéi staark se par rapport zu der Haaptwell **ënnerdréckt** sinn. Mais esou technesch Fakten hun den Wuechtmeechter Weber net weider interesséiert.

Wéi dunn den Procureur vun

Dikrech am September 1989 am **Congé** war, gouf zougeschloen! Den Procureur aus der Staat war **ouni Anung** vun der Saach, an wousst och net, dat den deemolegen Procureur vun Dikrech näischt géint "M103" wollt ënnerrhuelen. Et koom wéi et huet **missen** kommen, den 6. September 1989 owes um 7 Auer sinn an ganz Miedernach **Gendarmeriesween** (13 Autoen an Camionnetten) ronderëm gefuer. D'Haiser vun all den Radiosbedreiwer goufen **ëmstallt**, den Studio mat sämtlichem Material gouf **beschlagnaamt**. Zeguer zu Ell bei Réiden gouf d'Haus vun engem Moderator ëmstallt, deen war awer "leider" zu där Zäit an der Vakanz am Ausland. Déi lokal **Pompjeeën** hun missen den Dag drop mat der Dréileeder d'Antenn zu Miedernach ofmontéieren. Dat een do net esou liicht drun këim hat den Wuechtmeechter Weber bis ewell **net** beduecht. An-scheinend hat "M103" den Flugfunk gestéiert.



D'Equipp vun "M103" 1988

Komesch, dat den deemools Verant-wortlechen vum Flugfunk um Findel, den Här Bauer, bis zum Zäitpunkt vun der **Perquisition** net emol wousst, dat een Radio "M103" géif **existéieren**.

Wéi den Procureur Jean-Marie Hary vun Dikrech deemools aus dem Congé koom, hat

hien den ganzen **"Misär"** um Schreifdësch leien. Wéi hien déi Verantwortlech vun "M103" an säin Büro geruff huet, souz hien hannert sengem risegen Schreifdësch, grad derbäi eng déck **Zigar** ze paffen. Ech zitieren den Procureur Hary mol aus dem Verhalt, wat hien deemools als éischt sot wéi mir him vis-à-vis souzen: "Lo hun ech deen Schäiss hei leien wéinst deem Kallef vun Gendaarm aus der Fiels" an huet dobäi den **Dossier** op den Schreifdësch geklaakt. "Ech hätt enger Perquisition nie zou-gestëmmt! Wat maachen mer nëmme elo"? "Ma ganz einfach! Ënnert den **Teppech** kieren" ass et dem Guy, onsem deemolegen Programmchef eraus gefuer. Den Hary huet awer gemengt: "Dat geet elo net méi, well den Procureur aus der Staat weess elo och Bescheed". Den Procureur huet awer dunn den Radiobedreiwer zougesot, dat se all hiert Material kéinten mat huelen, bis op den Sender

an d'Antenn. Déi kréichen se zréck, soubal se eng offiziell **Sendegenehmigung** kéinten virleeën.

Eng Woch méi spët war den Studio zu Miedernach schonns erëm agericht an een **neien** Sender an Antenn waren och bereet an montéiert fir nees op **Sendung** ze goen.

Bio-Betrieb BALTES Daniel  
L-9186 STEGEN Tél 80 37 70  
www.biobaltes.lu



Et koom och nie zu enger **Gerichtsverhandlung** an "M103" krut och den Sender an d'Antenn zréck. Dat selwecht Sendematerial ass 1994 **anstandslos** vun der Post als konform ofgeholll ginn, wéi Radio R.O.M. offiziell op 106,5 MHz säin **legalen** Sendebetrieb als Lokalradio opgeholll huet. Et kann een sech also déi berechtigt Fro stellen ob deemools net **massiv** iwwer-driwwen gouf, zemools deemools zur selwechter Zäit nach eng ronn 12 aner **Piratesender** mat vill méi Sendeleeschtung zu Lëtzebuerg **aktiv** waren. Wier deemools esou vill Zäit an Energie an d'Affär **"Bomme-leeër"** investéiert ginn, dann wieren déi mëttlerweil wahrscheinlech schon längst gepëtzt.

Anscheinend war déi ganz Aktioun eng **privat** Rechnung wou nach tèschent onsem deemolegen Programmchef an dem Gendaarm opstoung: enger fréierer Weibergeschicht aus hirer Jugend!

Komescherweis ginn um Houwald bal zäitgläich mat vill Press an Politiker als Gäscht déi nei Studioen vun **"RFM"** an enger grousser offizieller Zeremonie ageweit. Wat eng **Ironie...**

**TOITURE BRUCK NICO**

Toiture Bruck Nico S.à.r.l.  
1, Dikricherstroos  
L-9186 Stegen (Bloen-Eck)  
Tél.: 49 28 81  
info@bruck.lu

Votre spécialiste pour vos travaux de toiture

**RENOVATION P.BETTENDORF**

RENOVATIONS ET CONSTRUCTIONS  
22a, rue de Larochette • L-7661 Medernach  
Tél.: 87 90 25 - 1 • info@rbettendorf.lu

**rbettendorf.lu**

## IMPRESSUM

### Herausgeber:

**Radio R.O.M. asbl**

28, rue Savelborn  
L-7660 Medernach  
Telefon: +352 87 84 06  
Internet: [www.rom.lu](http://www.rom.lu)  
E-Mail: [rom@rom.lu](mailto:rom@rom.lu)

**Leitende Redakteure:** Gerry Faber,  
Serge Simon, Tom Streicher, Marc  
Unsen

**Freie Mitarbeiter:** Debbie Plein (BEE  
SECURE)

**Titelfoto:** Serge Simon (Amselküken im  
Nest)

**Fotos:** Serge Simon, Tom Streicher

**Korrektur:**  
Gerry Faber, Marc Unsen, Serge Simon,  
Tom Streicher

**Technische Betreuung:** Serge Simon

**Layout:** Radio R.O.M. asbl

**Graphische Beratung:** Kim Fink

**Jahrgang:** 2017

**Ausgabe:** 15

**Auflage:** 2000 Exemplare

**Druck:**  
[onlineprinters.lu](http://onlineprinters.lu)  
Onlineprinters GmbH  
Neustadt a. d. Aisch, Deutschland

**Facebook:**  
<https://www.facebook.com/radioROM/>

**LinkedIn:**  
<https://www.linkedin.com/in/radio-rom-asbl-b1790780>

**Twitter:** [twitter.com/Radio\\_ROM\\_asbl](https://twitter.com/Radio_ROM_asbl)

**Domaine Viticole**  
**CEP D'OR**  
T. +352 768383 F. +352 769191  
15, route du vin L-5429 Hettmermillen  
vins fins et crémeux de la moselle  
luxembourgeoise  
[www.cepdor.lu](http://www.cepdor.lu) [info@cepdor.lu](mailto:info@cepdor.lu)

**Pizzeria Bloen Eck**  
"Da Ciccio"  
1 Dikricherstrooss  
L-9186 Stegen  
Tél.: 26 80 34 50 Café Restaurant  
GSM: 661 817 554 Lounge Bar  
Lundi fermé Salle fumeur clim.

## Mehr Sicherheit im Internet - Aber wie?



Debbie Plein - BEE SECURE

Fotos teilen, Informationen suchen und finden, privat und/oder beruflich **kommunizieren**, einkaufen, Filme und Musik genießen, Spiele spielen, **Online-Banking** erledigen, die Steuererklärung abgeben... das Internet ist bei alledem und vielem mehr nicht mehr wegzudenken. Kein Wunder, dass mittlerweile 93% der Luxemburger **täglich** im Internet sind.



Doch wie sieht es in punkto **Sicherheit** aus? Genau mit dieser wichtigen Frage beschäftigt sich **BEE SECURE**, das nationale Safer Internet Center in Luxemburg. Absolute Sicherheit gibt es im Internet nie - aber jede(r) kann und sollte für die eigenen Nutzungs-Bedürfnisse auf die **bestmögliche** Sicherheit achten. Auf dem Online-Portal [www.bee-secure.lu](http://www.bee-secure.lu) finden Sie allgemein verständliche Informationen und viele weitere praktische **Tipps** für

eine sicherere Internetnutzung.

Eine Faustregel für die Sicherheit von Passwörtern ist: Man sollte sie behandeln wie Zahnbürsten. Nämlich **niemals** mit anderen **teilen**, regelmäßig wechseln und unbedingt **benutzen**. Ein gutes Passwort sollte mindestens 12 Zeichen lang sein und, falls möglich, Zahlen, Großbuchstaben, Kleinbuchstaben und Sonderzeichen beinhalten. **Testen** Sie die Sicherheit Ihrer Passwörter einmal selber mit dem Online-Passworttest:

[pwdtest.bee-secure.lu](http://pwdtest.bee-secure.lu)

Besonders bei E-Mails von Unbekannten sollte man **kritisch** sein und nicht vorschnell auf einen Link in der E-Mail klicken. Auch E-Mail-Anhänge sollte man kritisch bewerten und im **Zweifelsfall** erstmal nicht öffnen. Dort können sich nämlich bösartige Programme, wie beispielsweise **Verschlüsselungstrojaner** verstecken, die im schlimmsten Fall alle Daten Ihres Computers oder Gerätes verschlüsseln - dann haben Sie keinen Zugriff mehr auf Ihre eigenen Daten. Daher ist es auch sehr **ratsam**, regelmäßige Sicherheitskopien Ihrer Daten

zu erstellen, damit ein solcher oder ähnlicher **Datenverlust** keine allzu gravierende Auswirkungen für Sie hat.

Mehr dazu: <http://bee-secure.lu/schutztipps>

**BEE SECURE** bietet neben Informationen und Tipps auch eine Webseite zum Melden **illegaler** Inhalte (BEE SECURE Stopline), Telefonische Beratung (BEE SECURE Helpline) und **Schulungen** (BEE SECURE Training) an:

BEE SECURE Online Portal:  
[www.bee-secure.lu](http://www.bee-secure.lu)

Webseite für Senioren:  
[www.silver-surfer.lu](http://www.silver-surfer.lu)

Angebot für Kleinkinder:  
[www.bee.lu](http://www.bee.lu)

**STOPLINE**  
ILLEGALE INHALTE MELDEN  
[stopline.bee-secure.lu](http://stopline.bee-secure.lu)

**HELPLINE**  
BERATUNG  
Tel: 8002 1234

**TRAINING**  
ANFRAGEN UND BUCHEN  
[www.bee-secure.lu](http://www.bee-secure.lu)

**RADIO 101.5**

The Music  
Of Luxembourg  
**ROM.LU**

### Zum Schluss nach kuerz bemierkt:

*Den 19. Abrëll huet RTL hiert neit Gebai "RTL-City" um Kierchbierg offiziell ageweit. An den RTL-News gouf grouss ugekënnegt, dat sämtlech Medievertrieeder op dësen Evenement invitéiert wieren! Kuck do! Sämtlech Medievertrieeder! Wéi ët schéngt awer keen vun den "Kollegen" vun den Regional- an Lokalradioen...*

*Wahrscheinlech huet sech dësen Event an enger aner Liga ofgespillt. An nee RTL, ët goug ons och net drëms fir "Schnittercher ze friessen an Champes ze saufen". Villméi hätten mer ons erwaart een klëngen Ablëck an déi nei Raimlechkeeten vum ëmmerhin gréissten privaten Mediekonzern aus Europa ze kréien.*

*Villäicht ass et och esou, dat fir een groussen "global player" déi klëng Lokalradioen net als Medien zielen, mir wëssen et net. Fakt ass, dat mir souwisou d'Been net héich genuch gehuewen kréien fir mat esou groussen Hënn wéi RTL pissen ze goen. An deem Sënn...*

## An der nächster Ausgab...

WOW! Elo ass et schonn déi 15ten Ausgab vum **RadioMAG**! Wien hätt geduecht dat onst **Blietchen** zanter der éischter Ausgab am Joer 2010 esou een groussen **Erfolleg** géif feiern? Mir schaffen weider drun, dat et och esou bleiwen wäert!

Onsen **Nolauschterer** an **Lieser** wënschen mer eng schéin Sommervakanz, eng gutt Erhuelung an héieren ons weider

wéi gewinnt op **101,5 MHz**.

Freeën däerf een sech elo schonns op den RadioMAG 16. Am leschten Deel iwwert d'Radioen zu Lëtzebuerg erzielen mer iwwert **d'Liberaliséierung** vun der **Medielandschaft** zu Lëtzebuerg an bréngen weider Fakten iwwert **R.O.M.** vun der Grënnung vum Veräin bis haut.

Bis dohin... **Enjoy the music!**